PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: CLEMENT Sven & GOERGEN Marc

Débat sur la déclaration du Gouvernement à l'égard de la situation actuelle de la pandémie du Covid-19

Lëtzebuerg, den 09/07/2020

Motioun

D'Deputéiertechamber stellt fest:

- D'Coronapandemie weist, wéi wichteg e Reseau un engagéierte Benevolle fir eis Gesellschaft ass ;
- D'gesellschaftlecht Engagement ass eent vun de Fundamenter vun der gesellschaftlecher Kohesioun an dem gesellschaftleche Liewen am Allgemengen a muss unerkannt a gewäertschätzt ginn;
- Eist Land brauch a Betruecht vun de groussen Defien, déi eis bevirstinn, eng staark Zivilgesellschaft, engagéiert Veräiner, Associatiounen a Benevollen ;
- Vill Reuniounen a Concertatiounen am Benevolat fanne wärend de regulären Aarbechtszäite statt, wat d'gesellschaftlecht Engagement erschwéiert ;
- Et bestinn elo scho verschidde Méiglechkeeten, fir am Kader vu verschidden Aktivitéite vu senger Aarbecht fräigestallt ze ginn (z.B. am Beräich Sport, Kooperatioun oder Services de secours, etc.);
- Lokalpolitiker profitéiere vun engem gesetzlech encadréierte Congé politique ;
- D'gesellschaftlecht Engagement kéint an der Form vun engem Congé gefërdert ginn.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Deputéiertechamber d'Regierung:

1. e Screening vun de bestoende Congéen ze maachen.
2. ze evaluéieren, ënnert wéi enger Form een dës Congéë kéint regruppéieren an méi breet accessibel maachen.
3. der Chamber ee Rapport vum Screening an der Evaluatioun ze presentéieren.